Sensibilité politique Piraten
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen

Lëtzebuerg, de 24ten Oktober 2019

☐

Motioun

Deputéiertechamber,

Vu d'Déiereschutzgesetz vum 27te Juni 2018 a notamment sengem Artikel 12 Punkt 12[1], deen d'Zuucht vun Déiere fir d'Pelzproduktioun zu Lëtzebuerg verbitt;

Considerant, dass d'Zuucht vun Déiere fir d'Pelzproduktioun schreckleche Konditiounen ënnerleit[2] a Lëtzebuerg keng Méiglechkeet huet, iergendwellech Kontrollen op d'Produktiounen aus anere Länner auszeüben;

Folglech Lëtzebuerg d'Wuel vum Déier an anere Länner net garantéiere kann;

Considerant, dass den US-Bundesstaat Kalifornien rezent ee Gesetz gestëmmt huet, dat d'Produktioun an doriwwer eraus de Verkaf vu Pelzproduite verbitt;

Mam Zil eng kohärent Déiereschutzpolitik ze bedreiwen a Lëtzebuerg domadder zu engem Virreider am Déiereschutz ze maachen;

fuerdert d'Regierung op

de Verkaf vun Zuuchtpelzer nach an dëser Legislaturperiod ze verbidden.

[1] Loi du 27 juin 2018 sur la protection des animaux ; Art. 12. Pratiques interdites : Il est interdit : 12. d'élever un animal en vue de l'utilisation principale de la peau, de la fourrure, des plumes ou de la laine ;
[2] Source : https://www.peta.de/hintergrundwissen-pelz